

# Fédération Luxembourgeoise de Marche Populaire asbl



N° registre de commerce : F1749

Membre du Comité Olympique et Sportif Luxembourgeois (COSL)  
Membre de la Fédération Internationale des Sports Populaires (IVV)  
Membre de la Fédération Européenne des Sports Populaires (EVV)



B.P. 56 · L-9201 Diekirch · Internet: [www.flmp.lu](http://www.flmp.lu) · e-Mail: [info@flmp.lu](mailto:info@flmp.lu) · GSM: 691 302 687  
compte bancaire N°: CCPLLULL LU90 1111 0469 4089 0000

Ref. : FLMP-2018-236

## Newsletter 4 / 2018

Oktober 2018

### Wandern ouni Plastik

Ab 2019 wëlle mer keng Plastiksbechere méi op eise Wanderunge gesinn. Dofir hu mer och d'Aktioun „Wandern ouni Plastik“ lancéiert a mir halen drop, datt op all Flyer dëse Logo mat drop kënnt. E Flyer ouni dëse Logo gëtt net méi autoriséiert.

De Logo kënnt dir iech erofluede vun eiser Internetsäit ënnert der Rubrik Federation – Downloads – Logos. Hei ass och de Link fir op dës Säit ze kommen:  
<https://www.flmp.lu/page/downloads-logos-etc-33892>

All Veräin soll och dofir suergen, datt de Wanderer sech virum Start an och nach op der éischer Kontroll kann e Becher kafen.

### Nationalen Dag vun der Geféierter Wanderung

De leschten Nationalen Dag vun der Geféierter Wanderung huet mat insgesamt 214 Wanderer op deene 5 Organisatiounen ofgeschloss.

De Verwaltungsrot vun der FLMP huet beschloss, dësen Dag d'nächst Joer net méi unzebidden. All Veräin ass awer gebieden, ze versichen, op d'mannst eemol am Joer eng geféiert Wanderung a senger Gemeng unzebidden, fir dermadder de Kontakt mat der lokaler Populatioun ze kréien. Dëst ass eng gutt Geleeënheet fir sech an der Gemeng bekannt ze maachen an eventuell nei Memberen ze fannen.

### IVV-Digital

Den IVV ass derbäi fir eng nei Internetsäit opzebauen, wou all d'Federatiounen kënnen hir Organisatiounen am Detail presentéieren. En Aarbechtsgrupp schafft zanter dem Ufank vum Joer dorunner, fir dëse flotten an informative Site op d'Been ze stellen. Fir den IVV-Europa a fir d'FLMP ass de Georges Kintziger an dësem Aarbechtsgrupp.

All Federatioun ka bestëmmen, wéi laang am Virus déi Donnéeë verëffentlech solle ginn. Vill auslännesch Federatiounen bidde maximal 1 Mount am Virus hire Kalenner online un. Och d'FLMP wëll weiderhi säi Kalenner verkafen an huet dofir decidéiert, all d'Organisatiounen maximum 3 Méint am Virus fräzeschalten.

All Veräin kann awer och dozou bäidroen, datt seng Organisatioun schéi presentéiert gëtt. Dir kënnt z.B. eng oder esouguer e puer Fotoen arechen, déi mat den Detailer vun der Wanderung kënnen verëffentlecht ginn. Et kënnen dëst Fotoe si vun der Startplaz oder awer och schonns vun der Streck mat eventuelle flotte Plazen, wou de Marsch passéiert. Ideal si Fotoen am Queschformat (landscape) an enger gudder Opléisung. Schéckt all äert Material un d'FLMP-Sekretariat, wat sech drëm bekëmmert fir alles op den neie Site vum IVV ze setzen.

Fir all weider Froe steet d'Sekretariat iech gäre während de Bürosstonnen zur Verfügung.

## **Organisatioun vun engem Marathon 2019**

Och fir 2019 sinn erëm e puer Marathonstrecke bei verschiddene Veräiner geplangt. Well dëst fir déi Veräiner e groussen Opwand ass fir d'Organisatioun, d'Zeechnen an de Ravitaillement, huet de Verwaltungsrout vun der FLMP decidéiert, datt de Startpräis fir de Marathon ab dem Joer 2019 op 10.- € festgeluecht gëtt. An dësem Präis sinn d'Startgeld, en Aufnäher an Diplom mat dra grad esou wéi eng gutt Verfleegung ënnerwee. D'Marathondistanz gëtt och nëmme gestempelt wann eng Marathon-Startkaart virgeluecht gëtt.

## **Sportsverletzungen**

D'Spidol vum Kierchbiereg deelt mat, datt si um Méindegmoien an der Policlinique tëscht 07:30 an 11:00 Auer Consultatiounen ubidden, mat an och ouni Rendez-vous, fir eventuell rezent Sportsverletzung vum Week-End ze behandelen.

Och d'Escher-Clinique offrëiert esou en Service an der Clinique du Sport à la Clinique d'Eich um Méindegmoien.

## **De Verwaltungsrout vun der FLMP**

Leider hunn zwee weider Membere vum Verwaltungsrout vun der Lëtzebuerger Wandersportfederatioun, de Romain Feiereisen an de Sam Meyers, aus familiäre Grënn missen demissionéieren.

Och d'Plaz vum verstuerwene Member Louis Schiltz am FLMP-Tribunal muss nei besat ginn.

Fir déi nächst Generalversammlung ginn et deemno en Deel Posten nei ze besetzen. Dës gi, wéi ëmmer, virun der AG ausgeschriwwen. Melle kann da jiddereen sech mat dem néidege Formular a mam Accord vu sengem Veräin.

## **COSL-Kasko-Assurance**

Zënter Joren offrëiert de COSL de Federatiounen an alle Membere vun de Veräinscomitéen d'Méiglechkeet fir eng Kasko-Assurance ofzeschléissen, dëst zum Präis vun 20.- € d'Joer. Dës Assurance kënnt all Kéier op bei Tëscheffäll déi geschitt sinn, wann den Assuré offiziell fir säi Veräin ënnerwee ass. Dës Assurance ass awer, wéi gesot, nëmme fir Comitésmembere.

D'Ofrechnung vun 2018 ass gemaach. Wann dir elo Comitésmembere wëllt melle fir dës Assurance, da maacht dëst w.e.gl. virun Enn vum Joer un d'FLMP-Sekretariat. D'Assurance ass da vum 1. Januar 2019 un gëlteg.

## **Save the date**

Fir den Ufank vun 2019 biede mer iech elo schonns folgend Datumer ze reservéieren:

De 5. Januar 2019 ass de Neijoerschepfang vun der FLMP an der Fiels  
an den 9. Februar 2019 ass eis Generalversammlung zu Schëffleng